Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la Fnel) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

# WANDROUS

## N° 346 Allerhellegemount / Chrëschtmount 2013
## novembre/décembre



Kënnt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000

Chefredakteren: Patrick JÉNIN a Marc JENTGES
Verantwortlech vir den Drock an d'Verschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
http://www.lionsbleus.lu

Lies d'Wandrous da bass De ëmmer up to date!!!

# Les amis des Lions Bleus
Les amis des Lions Bleus



Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?
Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?
Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.
Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.
Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den "AMIS DES LIONS BLEUS"

# ? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jiddérén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem "ordre permanent"*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun "Les amis des Lions Bleus" + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en "revenue" zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.
Natierlech fréën mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegen Don!
** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.
Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!
Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!
***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***

# Souche TroupenSortie

Scouten

Leif Scouten,



De Viizweekend ass eriwwer, de Viiz ass gedronk an mir kënnen elo vir eng Zait keng Äppel méi gesin... Allerdengs wësse mir elo alleguerten ewéi Viiz gemaach gëtt! D'Wailies ass ausserdem och ugebrach op der Musel an d'Wenzer si staark amgaang mat pressen, afëllen an schmaachen...
Hues du elo Loscht ze gesin ewéi dem Wënzer sain Job esou ausgesait? Wéi de Wain am groussen Ausmooss an professionell produzéiert gëtt? Oder wars du nach nie op der Musel? Dann hues du bis elo eng verpasst! Komm also mat op eis Sortie op d'Musel an léier alles iwwert d'Drauw kennen!



**Rendez-Vous?** Den 23. November 2013 um 9.30 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.

**Retour?** Den 23. November 2013 um 16.30 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.

**Prais:** 5 € sin matzebrengen op den Rendez-Vous

**Material:** Tip-Top Uniform (Hiem, Blo Box, Foulard), Jumbo-Kaart, E-Go Kaart oder een Rouden Ticket, Bidon, Pic-Nic vir Mëttes an engem klengen Rucksaack, Bic, Bloc ...


DOMAINES VINSMOSELLE
LUXEMBOURG



Ech ............................................... erlaaben heimat mengem Scout/Guide

...................................................... un der Truppesortie op d'Mousel (23. November 2013) deelzehuelen an 5 € mat op den Rendez-Vous ze gin.

Ennerschreft......................................................



fnel
scouts & guides

# DAI SCHLOOFSAACK VIR D'STROOSS

Hues du doheem en aale Schloofsaack deens du net méi brauchs? Oder wolls du dir schon ëmmer en Neien kaafen well dir dain ze kleng ass?

D'Lions Bleus vu Bouneweeg kommen dain aalen Schloofsaack sichen an spenden deen an dengem Numm der Stëmm vun der Strooss

Einfach ären Schloofsaack an eng Tuut maachen an mam Flyer dropgepëscht virun d'Dier stellen.

Mir kommen en sichen!
ODER:
Kommt laancht an eist Home!
(ënnen genannten Adresse)



Mir kommen bei ierch





# den 30. NOVEMBER 2013 ab 9^00^

LES LIONS BLEUS BONNEVOIE
a.s.b.l.
affiliés à la FNEL
61, rue de Pulvermuhl
Bonnevoie

LES LIONS BLEUS FNEL LUXEMBOURG-BONNEVOIE

an Zesummenarbescht mat

Stëmm vun der Strooss

# Souche Kleeschen fir RO, EX, SC, LXa BV

HO - HO - HO (an esou weider)
ech si schon ganz ongedëlleg fir op Bouneweg an den Dall bei meng allerléifst blo Léiwen ze kommen a mat iech mäi Feierdag ze feieren. Dëst Joër feieren mir alleguer de **6. Dezember 2013** am Home vun den Lions Bleus. Wéi ëmmer bréngen ech Iech dann gliddege Schocki an rieseg knusperech Kuchemännercher mat.



Also ech sin da freidesowes, de **6.Dezember Punkt 18:00 Auer** MBZ (Mettel-Bouneweger-Zeit) am Home bei de Lions Bleus. Ech muss nach a mengem groussen Buch checken op ech den Housécker brauch, well dee bréngt dann di néideg Rudde mat. Wann d'Lions Bleus awer am Laf vum Joer ok waren, da kann deen ale Granzsak doheem bleiwen. Well mer dëst Joër um Dag selwer feieren, hun ech ganz vill Arbecht um Bockel. Dofir bieden ech Dech dats du och wierklech pünktlech um **18:00 Auer am Home bass**, an dat an tiptopper Wanteruniform. Antscheinend spillen d'Händien an Tëschenzäit eng hallef Oper, (amplaatz einfach ze schellen) mee dat ass mir egal. Ech bieden Dech dee Braddelapparat auszemaan wann ech do sin, well den Housecker freet sech emmer wann en een neien Händy an seng Sammlung kritt. A gehei Deng Souche bis den 1. Dezember a **Méng** Bréifkëscht (ënnen am Gank um Briet) well soss verzweifle meng Engelen erëm wann së bis de leschte Moment nët wëssen wéi vill Thermoskane mat Schoki an wéi vill Boxemännecher së mer sollen apaken.



Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen
hei ass dem

______________________________

(also meng Souche) schon. Ech hun och ganz fläisseg deng Liddercher geübt, an mengen Elteren gesot datt et wichteg wier de **6. Dezember an tiptopper Wanteruniforme** um Punkt **18:00** Auer am Home ze sin wells du ee gestresste Kleesche wiers.
Si komme mech esou géint
**21:00** Auer beim Home ofhuelen.



____________________________________________

Ënnerschrëft vun den Elteren / Housécker

# VIIZ-VERKAAF

## LBB Viiz-Verkaaf




**Een Unhänger voll Äppel gouf zu frëschem Viiz gepresst, deen Zweeten gouf weidergefouert, fir professionell pressen ze loossen & anzekachen. Falls du lo also nach ëmmer nët genuch hues vum Viiz, dann ass daat hei eng Mèiglechkeet bei eis ës ze kaafen!**

| | | |
|---|---|---|
| **1 Fläsch** | **= 1,5€** | |
| **1 Këscht**(6 Fläschen) | **= 8€** | -->VIDANGE ass schon mat dran!!! |
| **2 Këschten...** | **= 15€** | |

**Dovun Vidange: 0,15€/Fläsch & 1,5€ d'Këscht (Total: 2,4€)**

# ROVER-WEEKEND

## WINTER edition



# ROVER-WEEKEND

--> 7.-8.12.2013

AN DU WËLLS GÄR DOBAI SINN?

MA DANN SCHREIW DER DËSEN DATUM SÈIER OP !!!

--> WEIDER NEWS KOMMEN NO :)





# KRËSCHTCAMP fir den ganzen Grupp




Den John Goldlesack ass e gieregen Minnenbesëtzer, deen séng Minnen ëmmer méi vergréisseren wëll. Allerdèngs hëllt hien keng Rücksicht op Verloschter...esou huet hien eng Minn ënnert engem Duerf entdeckt. Den Nodeel ass allerdèngs, dat wann d'Aarbëschten ufänken an gebuddelt gët, d'Duerf zerstéiert gët...Hien wëll awer nët ophaalen, esou laang hien nët Gold huet. D'Awunner mussen sëch also eng an-faalen loossen fir esou vill wéi méiglech Gold zesummen ze kréien fir sou den John Goldlesack ze iwwerzeegen fir nët an hierem Duerf pueren Chaos unzeriichten. Sie froën also DECH, jo DECH
fir hinnen ze hëllefen, sou séier wéi méiglech genuch Gold zesummen
ze kréien virun deems dat d'Buddelen an d'Gruewen ufänkt...
Mell dech séier un fir de Lèit aus Bling Bling County ze hëllefen...



## Départ?

Scouten/Explorer: Den 3.01.2014 um 9.00 op der Gare Centrale de LUX an tiptoper Uniform
Wëllef/Beaver: Den 3.01.2014 um 14.00 op der Gare Centrale de LUX an tiptoper Uniform

## Retour?



Beaver: Den 4.01.2014 um 17.00 Auer beim Home St.Jean(LGS)
De Rescht: Den 5.01.2014 um 16.00 Auer beim Home St.Jean(LGS)
**(Adresse Chalet LGS**: rue Mont St.Jean Diddeléng/Butschebuerg)

## Praiss?

LX/SG/EX: 40 €, sinn ze iwwerweisen bis spéidstens den 27.12.2013
Beaver: 18 €, sinn ze iwwerweisen bis spéidstens den 27.12.2013
op den Compte: Les Lions Bleus Asbl-Rover (CCPL IBAN LU22 1111 701
mat der Mention "KC'14 + Numm vum Participant"




**Material?** Schloofsaack&Carrymatt, Schwammsaachen, Gamelle&Kichenduch, T

# Explorer-Sportsdag





**Léif Explorer, léif Exploretten,**
**Paakt är Sportstäsch an dann vive op Stéesel !**



No engem Joër steet den Explorer-Sportsdag, wou déi verschiddden Unitéiten aus dem ganzen Land hiren Teamgeescht an hier Kämpfernatur kënnen ënner Beweis stellen, erëm virun der Diir !




**Wéini:** 12.Janaur 2014 vun 09h30 – 17h00

**Rendez-Vous:** Zu Steesel an der Sportshal rue des vergers

**Wat muss du matbréngen:**
- Pique-Nique
- Sportstenue - Turnschong, Sportsbox an Team T-Shirt
- Duschsaachen

**Präiss:** Den Sportsdag ass **GRATIS**
Waasser an Uebst kritt dir sur place offréiert !

**Souche:** Ass bis den 14.Dezember 2013 bei déngem Chef oofzeginn.

Lénks Patt,
Äer Explorer-Ekipp



Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche

Ech .......................................................
erlaben mengem Explorer

.......................................................
um Sportsdag den 12.Januar 2014 deelzehuelen.



.......................................................

# Assemblée générale LBB fir jiddereen



Mir lueden all ons Memberen (Scouten/Guiden, Explorer, Rover, Amicale*), Elteren (Mammen&Pappen), Frënn, Bekannten souwéi les "Amis des Lions Bleus" härzlech an op ons

# Assemblée Générale 2014

**vun der a.s.b.l. Les Lions Bleus Bonnevoie**
**déi Freidesowes, den 31.Januar 2014**
am Home vun den Lions Bleus,
op 61 rue de Pulvermühl,
ofgehale gët.

## Ufank ass pénktlech um 19:30 Auer

Wéi all Joër freeë mir ons iwert Är Präsenz an wärten ons och all Méih ginn, dës AG sou interessant ewéi méiglech ze gestalten.

**Programm**
1) Begréissung an Usproch vum Här Président
2) Rapport vun der leschter Generalversammlung vun der Madame Secrétaire
3) Rapport vum Här Caissier
4) Viirstellung vum Budget 2014 - 2015
5) Rapport vun deenen Dammen an Hären Caissen-Revisoren
6) Bestëmmung vun den Caissen-Revisoren fir d'Joër 2014 - 2015
7) Rapport vun den Ackivitéiten vum Scoutsjoër 2013
8) Erneierung vum Conseil d'Administration
9) Verschiddenes an Gemëschtes

No der Assemblée Gönörale huët den Conseil d'Administration den Plëséier lech op en Pättchen an eng kleng Stärkung anzelueden. Heibäi ergëtt sëch och nach d'Méiglechkét fir ze pooteren an Informatiounen auszetauschen.

*** All déi Aktif Memberen sinn gebieden an kompletter Wanteruniform ze kommen!**

# Schlittschong-Sortie: fir BV & LX

**Hues du Loscht mat eis d'Schlittschongspist onsëcher ze maachen?**
**Iwwert d'Äis ze rutschen ewéi um Nordpol?**
**Da mell dëch séier fir dës Sortie un!**



**Wéini?** Samschtes, den 18.01.2014.

**Start?** um 10:30 bei der Barrière um Parking vun der Kockelscheier.
**Finish?** um 14:00 bei der Barrière um Parking vun der Kockelscheier.

**Wat brauch ech?** Waarm Kleeder, Schaal/Mutz/Händschen, **Pic-Nic**
a Schlittschong (wanns de eegener hues)

**Präis?** **8 Euro**, sinn deen Daag mat ze bréngen.
fir Entrée, Locatioun, an evtl.Snack bei der Patinoire :)

**Déng Beaver&Wëllefcherscheffen :)**



**Heimat erlaaben ech ............................ mèngem**
**Kand dem .......................................... den 18.Januar 2014**
**mat Schlittschong fueren ze goën.**

**Ënnerschrëft ................................**

# Souche Techuana 2014 Techuana'14

## „Der Berg ruft"

**Jo ët ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.**
Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrësch, Heizung an flëissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dech verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder en Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat héi genee daat Richtegt fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Plaatzen sinn limitéiert!!!!

**Wien kann mat goën:** jiddereen deen bis den 01.09.2013 --> 14 Joer kruut huet !

**Rendez-vous:** Freidesowes, den **14.Februar 2014** um **18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Zerèck:** Sonndesmoies, den **23.Februar 2014** um **11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Präiss:** Mir maachen daat erëm wéi déi letzt Joër'en, mir splécken den Präiss op!
Daat heescht 350 Euros fir Transport, Iessen, Sauna an Schwammen...
Déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 175 Euros fir den Skipass bezuelen an fir déijeeneg déi nach Material mussen lounen, mussen nach 125 Euros dropleen.

**Am Kloertext elo:**
Basic-Pack (Programm, Transport, Iessen, Schwammen) --> bezuelen **350** Euros.
Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **525** Euros.
Basic-Pack, Skipass & Location Skimaterial --> bezuelen **650 Euros**

bis spéidstens den 31.01.2014 mat der Mention "Techuana 2014".
D'Geld ass ze iwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer"

**Täschegeld:** dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w...)

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass Mëttwochs den 11.Dezember 2013 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dèngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaacklëscht.

D'Souche muss du schnellstens oofginn, well soss bass du nët officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE



Ech ........................................... erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover

...........................................................

mat um TECHUANA-Wantercamp 2014 deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**



Ënnerschrëft ..............................

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# Summercamp TOGETHER: fir LX/SG/EX/RO

together 2014
creating a better world
LUXEMBOURG - CENTENARY SCOUT CAMP

## together 2014

ass een internationalen Camp fir Scouten aus ganz Europa. Dësen gët organiséiert vun der FNEL fir hier 100 Joër an fënnt 2014 um Kirchbierg zu Lëtzebuerg statt.
Eis Gäscht aus ganz Europa wärten zesummen mat lëtzbuergëschen Scouten, Explorer an Rover eist Land op eng ganz nei an spannend Art&Weis entdecken.

Bass du also elo gespaant, wéi en internationalen Camp soll ooflaafen, wéi sëch déi verschidden Kulturen verstinn an wéi Lëtzebuerg emol aanescht ausgesäit?

Dann därfs DU den together2014 op keen Fall verpassen!!!

**Wou & fir wien?**
Lëtzebuerg-Kirchbierg
Beaver (1Daag), Wëllefcher (4 Deeg), Scouten/Explorer/Rover (10 Deeg)

**Wéini?**
Beaver --> 20.07.2014
Wëllefcher --> 17.-20.07.2014
Scouten/Explorer/Rover --> 17.-26.07.2014

MELL DËCH séier un! D'Plaatze si gezielt.

**Präiss?**
Beaver --> ginn mer nach gewuer :)
Wëllefcher (fir 4 Deeg) --> 120 Euro
Scouten/Explorer/Rover (fir 10Deeg) --> 300Euro
Hei gi der an der nächster Wandrous gewuer waat deen 1.Acompte ass :)

**Unmelldung?**
per Souche! Dës gëss du wgl. schnellstméiglechst bei déngem Chef oof:)

**Weider Informatiounen?**
together-Flyer (letzt Wandrous) oder www.facebook.com/together 2014

**----> together2014 together2014 together2014 together2014 together2014 <----**

Heimat mellen ech ............................................................................ mäin Kand als Wëllefchen (fir den 17.-20.07.2014) ........................................................ oder als Scout/Explorer/Rover (fir den 17.-26.07-2014) ................................................................................ op den Summercamp ‚together2014' un, deen vun der FNEL organiséiert gët.

Datum&Ënnerschrëft vum Responsablen:.......................................................

together 2014
creating a better world



## NOVEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 09. | Beaverversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 16. | Beaverversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 23. | keng Versammlung | |
| 30. | Beaver&Wëllefcher Versammlung | 14:00 - 16:00 |

## DEZEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 06. | Kleeschen | |
| 07. | keng Versammlung | |
| 14. | Beaverversammlung | 14:00 - 16:00 |

## JANUAR

| | | |
|---|---|---|
| 03.-04. | Krëschtweekend | |
| 11. | Beaverversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 14. | SchlittschongSortie | 10:30 - 14:00 |
| 20. | keng Versammlung | |



**BEAVERKLACK**

Lena, Nora, Maiti & Alizée

## NOVEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 09. | Wëllefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 16. | Wëllefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 23. | keng Versammlung | |
| 30. | Wëllefcher&Beaver Versammlung | 14:00 - 16:00 |

## DEZEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 06. | Kleeschen | |
| 07. | keng Versammlung | |
| 14. | Wëllefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |

## JANUAR

| | | |
|---|---|---|
| 03.-05. | KrëschtCamp mam Groupe | |
| 11. | Wëllefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 14. | SchlittschongSortie | 10:30 - 14:00 |
| 20. | keng Versammlung | |



**dèng WëllefchersCheffen**

Fennec, Breeze, Claude, Prunelle, Sophie, Michel

# Programm Scouten

## Programm SG

### NOVEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 02. | keng Versammlung --> Allerhelgenvakanz | |
| 09. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 16. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 23. | TRUPPENSORTIE | |
| 30. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

### DEZEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 06. | KLEESCHEN | |
| 07. | keng Versammlung --> Rover-Weekend | |
| 14. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 21.+28. | keng Versammlung --> Kréschtvakanz | |



### JANUAR

| | | |
|---|---|---|
| 03.-05. | GRUPPENKRËSCHTCAMP | |
| 11. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 18. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 25. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

### FEBRUAR

| | | |
|---|---|---|
| 01. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 08. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 14.-23. | TECHUANA | |

### MÄRZ

| | | |
|---|---|---|
| 01. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 08. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 15. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |



Atra/Tamia/Soa/Nicolas/Christophe/Mauro

# Programm Explorer EX - Programm



**November**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 09.11 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 23.11 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |

**Dezember**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 06.12 | Kleeschen | 18-21 Auer | am Home |
| 14.12 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |

**Januar**


| | | | |
|---|---|---|---|
| 03-05.01 | Gruppenkrëschtcamp | | |
| 18.01 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |

Febuar

| | | | |
|---|---|---|---|
| 01.02 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 14-23.02 | Techuana Wanter | | |

März

| | | | |
|---|---|---|---|
| 08.03 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 22.03 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 29-30.03 | Explorer Rover Raid | | |




Fir d'Unitéit : Tameng/Grizzly/Laurent/Eric


# Dem LIB séng Säit: Léier en neien Knuet



Hallöschen dir...
Mir ass zu Oueren komm dat dir ëmmer nees ären Foulardsknuet verléiert an sou een neien musst kaafen :(
méi einfach ass ët awer sëch selwer een ze maachen,
dofir hei d'Erklärung dozou...

VILL SPAASS heimadder :)
**alias LIB...**





# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News

## LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:

16/11/2013
14/12/2013
18/01/2013
08/02/2013



**EMYS**

## ROVERWEEKEND Dezember'13

Wèini? **7.-8.12.2013**
Haal der also elo schon deen Datum fräi!!!

Bis dato steet den Organisatiounscomité zwar nach nët fest, mee dësen wärt sëch schon fannen an eis schon iwwer irgendeen ganz speziellen Wee informéieren :)

!!! OPRUFF !!!
Denk drun Photoen eranzeginn
(egal op aal oder nei) fir dat mer e flotten
LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen.
Schéckt dës ganz einfach op
(foto@lionsbleus.lu)
oder gidd mer se direkt per
CD oder Stick...
TAHR



## LBB SECOND HAND

Hei kann jiddereen versichen sèng aal/nei Saachen un den Mann/Fra ze brèngen. Den Link fann dir op www.lionsbleus.lu

**Zweck:**
All Scout egal op jonk/aal huet emmer nach brauchbar Material, waat en op desem Wee engem vermaachen/verkaafen kann. Dofir post ganz schnell ärt ganzt Geschier fir dat der een Abfinder fannt :)

# WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Nouv.Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!!!

## ALLGEMENG Datumer:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 31-03/11/2013 | SG/EX FormatiounsCamp | 12/01/2014 | EX Sportsdaag |
| 09-10/11/2013 | Tronc commun | 19/01/2014 | SG Wanterlaaf |
| 17/11/2013 | Baamplanzaktioun Misärshaff | 01-02/02/2014 | SG/EX FormatiounsWeekend |
| 26/11/2013 | Soirée Chef de groupes | 08-09/02/2014 | Tronc commun |
| 18/12/2013 | Verre de l'amitié | 13/02/2014 | Réunioun semestrielle |

# Léiwefest 2013

Léiwefest 2013

Rapport Leiwefest



Dest Joer hunn mir eist traditionnelt Oofschlossfest: d'Leiwefest ennert dem Thema 50ies gefeiert.

Deen Daag virdrun an moies frei gouf vun verschiddenen fleissegen Cheffen schon gudd Firaabescht geleescht, sou haaten mir dest Joer een zimlech exclusiven Hamburger Stand. Dovun oofgesinn waren op eiser Wiss divers Stänn opgeriicht dei vun eisen Meedecher een , eegenen Design kruuten.




Wou dunn alles bis opgeriicht war, an och an der Kichen oder besser gesoot am Kichenzelt sou weit wei meiglech alles firbereed ginn ass hued den Eric schon dei eicht Hugoen serveiert , et muss een sech jo schliesslech versecheren datt d Leit dueno neicht schlechtes serveiert kreien. An emmer rem zweschend der Aabescht gouf sech an eiser flotter bloer plastik Schwemm oofgekillt, et war jo och gaaaaanz waam.

Genug Paus, well dunn sinn och schon dei eicht Wellefcher an Beaver unkomm. Fleisseg hunn dei nach zesummen mat hieren Cheffen den Danz geprouft. An dunn dueften och sie sech oofkillen goen.



Propper gebotzt, gin all d Kanner and Cheffen rausgeputzt. Geschminkt, verkleed, bemoolt, friseiert....



Dei eicht Eltren kommen dunn sou geint halwer 7 unn, an soulues an lues fänkt d Leiwwenfest 2013 ofiziell un. Als eiren Gaascht war den Elvis Presley hächst perseinlech komm, anzwar mat sengem Oldtimer & gesongen hued en och nach.

Zesummen mat Atra hunn sie den Owend ugefaang.
Noom Apero sinn dunn d Beaver opgetrueden,sie waren zwar net zu imenz vill op der Bühn mais hieren Charme hued daat ganzt Puplikum matgerappt, an ech muss soen datt d Maiti and Lena sech och ganz gudd beim danzen gemaach hunn.

Finger Food: Tomat Mozerella, gedrechent Qwetschen, kleng Sandwichen...
Un eisem Finger Food Stand hued jidereen sech bedengt an sech den Moo schon en bessen firgefellt befier d Wellefcher hieren Optrett haaten, och sie hunn gedanzt, begleed vum Sophie an vum Breeze. Dobei hunn sie sech wei richteg Rockstars gefillt.

D' Scouten sinn direkt noo den Wellefcher komm, den Pit als Frontsänger hued zesummen mat senger Lifeband Jailhouse Rockpresenteiert.

Endlech ass et souweit, den Moo vun jiderengem hued schon gegrommelt, virun allem well den gudden Hamburger geroch vun eisem exclusiven Hamburger Stand schon staark gelackelt hued. Haaptgang : Hamburger, Zaloot,Fritten Mmmhhhh
Eis Käch hunn den Honger vun eisen Gäscht zwar bessen iwwerschaat mais trozdem ass vill giess ginn an ech sinn ma secher datt bei deem lessen keen mei hongreg bliwwen ass.

Feadeg waren eis produktiv Scouten aver nach net mat hierem Optrett, sie haaten eis nämlech och nach een klengen Sketch firbereed. Och eis Explorer haaten een Sketch parat, een war souguer sou kreativ datt den Atra en dueno misst erklären. Mais egal, gelacht hunn mir all.

Als Dessert hunn eis Wellefcher heisse Liebe zerveiert.
An endlech, noom Dessert an noo der Cheffenpresentatioun vun desem an den nächstem Joer koum den spektakulären, genialen,ultimativen Cheffendanz.
D Sophie war d Koreografin an hatt haat et net sou einfach well verschiddener grad rem aus der Uni komm sinn an alles um selwechten Daag nach missten beibruecht kreien.
Mais egal ech geing eis soen d Eltren an d Kanner hunn eis eis „Verdanzungen" entschellegt an schlussendlech hunn mir eis gudd geschloo.

Den Owen dass nach flott an gemitlech ausgeklong an ech freen mech schon op daat nächst Leiwefest.

Claude



# GRUPPENVERSAMMLUNG: vum ganzen Grupp





## Rapport Gruppenversammlung

E ganzen Koup ‚Blo Léiwen' goufen Samstes den 21.September 2013 bei der Uelzecht gesinn, fir zesummen d'Gruppeversammlung oofzehaalen. Dëst war hieren éischten Rendez-Vous vun dësem Joër an Jiddereen huet sëch natiirlech drop gefreet fir all sèng vill Scoutskollegen no der grousser Summerpaus erëm ze gesinn.

Um 14.00 Auer ass së dunn och ugaangen no engem Carré an enger Usprooch vun den Cheffen, hun mir dun d'Gruppenphotoën gemaach an natiirlech och e puer Branchenphotoen. Duerno ass ët dun lass gaangen mat der Weltrees, well daat war jo d'Thema...



All Kontinent ass hei besicht ginn:
**Afrika** (Elefantenjuegd mat Seelbunn),
**Antarktis** (Höhlenforschung mat Äisbier & Eskimo),
**Asien** (HindernisStäbchenParcours mat echten Chinesen!),
**Amerika** (Wettiessen, waat soss? Mat réellen Basketspiller),
**Europa** (Skifueren am Grupp an Bierger iessen aus Schockla natiirlech) &
**Südamerika** (Kaktusspill mat echten Mexikaner).





Ët war eng super Stëmmung an nodeems Jiddereen duerch den Sëcherheets-Gate gaangen wor an no spatzen oder geféierlechen Géigenstänn kontrolléiert gouf, sinn dunn d'Beaver, Wëllef, Scouten, Explorer an Rover an Gruppen op déi eenzel Kontinenter geflunn.
D'Ziel war ët am Fong, een Stempel op all Kontinent fir säin Reespass ze kréien.
No gudder annerhalwer Stonn Reesen an vill lessen
(*hoffen mir den Fliiger war zum Schluss nët iwwerlueden*),
war ët och schon erëm eriwwer mam Spaass an mir sinn nees alleguerten zerèck bei den Home geflunn, wou d'Elteren och schon gewaard hun fir hier Kanner erëm mat ze huelen...
No 3 Stonnen Spaass & Spill ass ët dun erëm lass gaangen mam normalen Liewen an daat neit Scoutsjoër ass erfollegräich angeleed ginn.
Mir soen Jidderengem Merci, deen eng Hand ungepaack huet an esou gudd matgemaach huet!
Mir freen eis elo schon op e flott an spannend Scoutsjoër :) :) :)



**Atra**







# MONTEE 2013 vun den BV/LX/SG/EX



**Freides, den 04.10.2013**
Fir d'Explorer huet d'Montée dëst Joër schon mèi frèi ugefaangen, an zwar-->Freidesowes. Rendez-vous war am Home, wou déi aal Scouten also d'futur jonk Explorer, op d'aal Explorer getraff sinn. Am Reen kruuten mir alles oofgeholl waat een sou un sëch haat...an goufen mam GPS op den Traget geschéckt. No fënnef Minuten haat ech den Apparat schon an d'Täsch gestach an haat alles verstallt. Dowéint sinn mir mat engem Gefill vun grousser Onbehollefheet no engem groussen Détour beim Atra ukomm. An wéi d'Traditioun ët sou mat sëch bréngt ass an bleiwt den Rescht vum Owend / der Nuecht nëmmen eng Erënnerung un laang vergaangen Zäiten, ouni Rapport, Foto, oder Zeien.
(Daat erspuert mir lo och déi nächst Zeilen.)



**Samstes, den 5.10.2013**
Moies goufen mir um 8 erwäscht an hun dann eis Saachen gepack. Dann hun mir gemitterlech Kaffi gedronk an dann och gespullt. Duerno hun mir eis zesummen gesaat fir um Programm vum Joër ze kucken, do hun mir dann och eiser coolen Numm fonnt!
Fir d'Mëttegiessen hun mir dann fir eis Pannëscher mat Zopp gemaach, an hun dono nees alles gespullt an den Home fir den 2.Deel Montée fiirbereed. Mëttes goufen mir dann getrennt. 3 Lèit sinn mat op d'Montée Plaatz gaangen fir do dann alles opzeriichten, 2 Léit sinn mat den Wëllefcher matgaang fir d'Montée vun den Beaver fiirzebereeden an den Recht ass am Home bliwwen an hun gekacht.
Owes hun mir dann alleguerten zesummen giess (ët gouf Spaghetti) an hun eis Saachen gespullt. Duerno sinn mir dann mat den Scouten op d'Montée`s Plaatz gaangen an sinn op dèi verschidden Plaatzen gaangen. Dann ass d'Montée ugaang an dèi, dèi së gemaach hun, hun së och iwwerliewt. Duerno hun mir ewèi all Joër ronderëm d`Feier eis nei Scouten begrèisst an hun Beans giess. Duerno hun mir nach gehollef alles anzepacken, sinn an den Home zerèck gefuer an hun eis nach en schèinen Owend gemaach.



**Sonndes, den 06.10.2013**
Mir goufen Moies richteg aus dem Schloofsaack geheit an missten dann eis Saachen paacken. Duerno gouf ët dann eppes ze iessen. Dann sinn mir mat den Wëllefcher matgaangen fir d'Cheffen ze hëllefen während d'Scouten den Home gebotzt an d'Feier fir d'Mëttegiessen ugfaangen hun. Mir sinn mat hinnen bis an den Gronn getrëppelt an hun dann ëmmer erëm Spiller mat hinnen gespillt. Wou mir dunn all midd an hongreg zerèck komm sinn, gouf ët dann schon eppes ze iessen. Mir hun wèi meeschtens den läschten Daag gegrillt. Duerno hunn mir nach e bëssen gespullt an gebotzt, d'Wëllefcher & d'Scouten hun nach e puer kleng Spillercher dobaussen gemaach an zum Oofschloss hun mir eng Châine des Adieux gemaach. Mir sinn dann alleguer erëm Heem gaangen.



**Pitt / Adrien**
Unité Smilodon
Sécrétaire Général, Chargé classeur/ChargéRapport
Lions Bleus de Bonnevoie | FNEL | WOSM

# VIIZ & JOTA-JOTI WE vun den SG/EX

## Samstes 1. Dag
- 19. Oktober 2013

Ëm 8:00 hun déi aner (Scouten/Explorer/Cheffen) sëch zu Bouneweg an mir (Ciaran&ech) um 8:45 op der Jonglënster-Gare getraff an sin dunn op Zëtteg gefuer, wou mer nach e bësse Material gepakt hun an du weidergefuer sinn mat dem Auto bei d'Bongerten.
Do ukomm, hu mer dunn Äppel geraf. An der Mëttesstonn hu mer beim Ketty zu Mëtteg giess, an si rëm zréck bei d'Bongerte gefuer. Während d'Jongen nach geraf hun, sinn d'Meedercher zréck an den Home gefuer an hu schon d'Iesse fir owes gemaach. Géint 19 Auer sinn d'Jongen mat den Äppel op Bouneweg komm an dunn hu mer zesumme giess. No dem Iessen hu mir verschidden Aktivitéite gemaach, dorënner: Funken, Morsen, e Vertrauensspill an mir hun och eng Codéier-Scheiw fir eng Geheimsprooch gebastelt.
Zum Schluss hu mer dunn nach gechat mat aneren Scouten aus Lëtzebuerg an der ganzer Welt, bis mer dun géint 23:30 Auer schlofe gaang sinn.


**Aoifa Hagen**





## Sonndes 2. Dag
- 20. Oktober 2013

Nodeems mer um 08.00 Auer erwächt goufen, ons ugedoen an ons Saache gepak haten, si mer Kaffi drénke gaang. Nom Iessen hunn déi eng gespullt an déi aner hunn den Dortoir an d'Trape gekiert.
Da sinn mer an dräi Gruppen opgedeelt ginn. Déi éischt Grupp huet Äppel geschielt, déi zweet Grupp huet d'Äppel gehäckselt an gekeltert an déi drëtt Grupp huet de frësch gepresste Viiz an d'Fläsche gefëllt. No enger Zäitche gouf gedréit an all Grupp huet d'Charge vun enger anerer Grupp gemaach, sou dass jiddereen alles gemaach huet.
Géint 12.00 Auer gouf dann ugefaang mat Grillen, ët goufe: Koteletten, Poulet an verschidde Grillwurschten. Nom Iessen ass ët dann erëm weider gaangen mat den Äppel schielen, hächselen an kelteren.
Iwwerdeems sinn ons och nach e puer Leit an al Lions Bleus besiche komm. Wou onse Viizweekend zu séngem Schluss zougewandert ass, sinn och schon déi éischt Eltere komm, fir hir Kanner an och hire Viiz mat ze huelen. Während nach déi lescht Leit an onser Kaffisstuff e puer Stécker Taart, Äppeltäschen an Äppelbeignet'en genoss hunn, hunn mer schons ugefaang alles ze botzen an ze raumen.
Wou dann och déi lescht Drëps Viiz gedronk an déi lescht Äppeltäsch am Home giess wor, sinn mer alleguerten heem gaangen.



**Max Majerus**





# et schéngt

et schéngt

1.wéi wann d'Beaver vill nei Kanner bäikruten
2.wéi wann d'Scouten vum Uebst pressen nët genuch kréien
3.wéi wa Stonnen an Stonne laang filmen schéin an gutt ass
4.wéi wa verschidde Scouten nët séier genuch nom ViizWeekend konnten Heem goën
5.wéi wann d'Kaweechelchen guer nët sou schlecht am Keelenspiller wier, an d'Cheffen all naass gemaach huet
6.wéi wa verschidde vun eise Kanner méi Education bräichte wéi anerer
7.wéi wann op eisem JotaJotiViizWeekend mat wéineg Personal richteg stramm geschafft gouf
8.wéi wann eis Wëllefcher während der Montée de Vademecum mol bis op déi letzt Säit duerchgekuckt hun
9.wéi wann Halloween gläich géing kommen
10.wéi wann nei Technik (eng Go-Pro Kamera) bei de bloë Léiwen hieren Tour géif maachen
11.wéi wann den Äppelkompott eng Nuecht beim Home dobausse stoung a frësch Loft krut
12.wéi wann de Viizweekend jidderengem gutt gefall hätt an och gutt pescheg gewiercht wier
13.wéi wann d'Kaweechelchen eng Zäitchen nët méi géif vu Baam zu Baam sprangen
14.wéi wann d'Wëllef a lechter Zäit e bësse méi motivéiert ware fir ze bastelen.
15.wéi wa vill Viiz aus den Äppel gepresst gi wier
16.wéi wa mer ewell e puer schwaarz Kaatzen am Grupp hätten
17.wéi wann de Comité sëch nei Datumer ginn huet fir séng Versammlungen oofzehalen.
18.wéi wann Trapen erop oder eroof ze goën nët als ze einfach wier
19.wéi wann d'Montée ee vollen Erfolleg wor
20.wéi wann d'Lions Bleus sëch konvertéiert hätten
21.wéi wann den Paradiesvillchen en neien Auto hätt.

# et schéngt net nëmmen

et schéngt net nëmmen

1.wéi wann déi vill Kanner och mussen encadréiert ginn
2.wéi wann sie motivéiert wieren Drauwe mat den Féiss ze zerquetschen
3.wéi wann d'Videoën zesummeschneide méi schwéier wéi geduecht ass
4.wéi wann dës hire Rucksak einfach am Home leie gelooss hätten
5.datt de Paradiesvillchen dogéint halen an eis beandrocke wollt, an sëch soumat selwer an d'Feecht geschoss huet
6.wéi wa mer nees op der Basis mussen ufänken: beim Schongstrécken, Undoën, Apaken, Behuelen...
7.wéi wa mer massiv gechatt hun um Joti, an ëm 2000Kilo Äppel (selwer geraf) zu leckerem Viiz gepresst hun ☺
8.wéi wa sie lo komëscherweis massivst drun interesséiert sinn Klassen ze maachen an hier Cheffe geckeg ze man.
9.wéi wann déi passend Dekoratioun bei de Wëllefcher scho gebastelt gi wier.
10.wéi wann déi nëmmen kapabel wier fuerchtbar elle Fotoë vun den Leit ze man.
11.wéi wann de Rescht vum ‚Et schéngt' vergiess gi wier an mat BLABLA...opgefëllt gi wier.
12.wéi wann ët e vollen Erfolleg gewiescht wier, vill gepresst gouf an d'nächst Joër widderholl soll gin.
13.wéi wann d'Krätschen elo mat an de Wanterschlof gin...
14.wéi wann d'Resultater heibäi och nach richteg gutt gi wären.
15.wéi wa mer nach vill vun denen 300 Liter iwwreg hätten.
16.wéi wann déi sëch géint Dachsen an Villercher durchsetze missten.
17.wéi wann dee leschte Comité ganz dënn besaat wor, dofir gouf awer gutt geschafft.
18.wéi wann de Prési d'Kopplabunz gemaach huet an elo erëm ënnert d'Messer muss.
19.wéi wann awer vill Abschiedstréinen bei den neie Scouten gefloss wieren.
20.wéi wann sie elo Lions- 'Malades' oder 'Invalides' heesche géingen.
21.wéi wann dëst e 4mol4mol wier a besser ewéi en 4x4 wier.

# 3 Méintprogramm

3 Méintprogramm

## november'13

| | | |
|---|---|---|
| Fr | 1 | |
| **Sa** | 2 | |
| So | 3 | |
| Me | 4 | |
| Dë | 5 | |
| Më | 6 | Cogra |
| Do | 7 | |
| Fr | 8 | |
| **Sa** | 9 | Beaver/Wëllef/Patrull/Explorer |
| So | 10 | |
| Me | 11 | |
| Dë | 12 | |
| Më | 13 | Permanence |
| Do | 14 | |
| Fr | 15 | |
| **Sa** | 16 | Beaver/Wëllef/Patrull |
| So | 17 | |
| Me | 18 | |
| Dë | 19 | |
| Më | 20 | Permanence |
| Do | 21 | |
| Fr | 22 | |
| **Sa** | 23 | **Truppensortie** Explorer |
| So | 24 | |
| Me | 25 | |
| Dë | 26 | |
| Më | 27 | Permanence |
| Do | 28 | Comité |
| Fr | 29 | |
| **Sa** | 30 | Beaver/Wëllef/Troupe |

## dezember'13

| | | |
|---|---|---|
| So | 1 | |
| Me | 2 | |
| Dë | 3 | |
| Më | 4 | Permanence |
| Do | 5 | |
| Fr | 6 | **Kleeschen** |
| **Sa** | 7 | **kV --> Rover-Weekend** |
| So | 8 | **kV --> Rover-Weekend** |
| Me | 9 | |
| Dë | 10 | |
| Më | 11 | Permanence |
| Do | 12 | |
| Fr | 13 | |
| **Sa** | 14 | Beaver/Wëllef/Patrull/Explorer |
| So | 15 | |
| Me | 16 | |
| Dë | 17 | |
| Më | 18 | **FNEL Verre de l'amitié** Permanence |
| Do | 19 | Comité |
| Fr | 20 | Wandrouseinsendeschluss |
| **Sa** | 21 | |
| So | 22 | |
| Me | 23 | |
| Dë | 24 | |
| Më | 25 | |
| Do | 26 | |
| Fr | 27 | Wandrousredaktionsschluss |
| **Sa** | 28 | |
| So | 29 | |
| Me | 30 | |
| Dë | 31 | |

## januar'14

| | | |
|---|---|---|
| Më | 1 | |
| Do | 2 | |
| Fr | 3 | **GruppenCamp** |
| **Sa** | 4 | **GruppenCamp** |
| So | 5 | **GruppenCamp** |
| Me | 6 | |
| Dë | 7 | |
| Më | 8 | Permanence |
| Do | 9 | |
| Fr | 10 | |
| **Sa** | 11 | Beaver/Wëllef/Troupe |
| So | 12 | **FNEL EX-Sportsdaag** |
| Me | 13 | |
| Dë | 14 | |
| Më | 15 | Permanence |
| Do | 16 | |
| Fr | 17 | |
| **Sa** | 18 | **Sortie Beaver/Wëllef** Patrull/Explorer |
| So | 19 | |
| Me | 20 | |
| Dë | 21 | |
| Më | 22 | Permanence |
| Do | 23 | Comité |
| Fr | 24 | |
| **Sa** | 25 | Troupe |
| So | 26 | |
| Me | 27 | |
| Dë | 28 | |
| Më | 29 | Permanence |
| Do | 30 | |
| Fr | 31 | **Assemblée générale LBB** |

# Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu




* THAT'S ALL FOLKS